Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten

schwätz mat!
DENG MEENUNG ZIELT

# De Platte Knuet

N°2 2016-2017






## Let‘s GolUrban!
Virbereedung op de Camp



## Scoutstechniken
Poster mat Kniet



## Let‘s go out!
Spiller fir dobaussen

lalux
Sales-Lentz
BIL
Ee grousse Merci un eis Sponsoren




Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté !

- Grâce aux formules **'Performance'**, **'Confort'** et **'Sécurité'**, easyPROTECT-Auto s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- easyPROTECT-Auto, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels : rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

easyPROTECT-Auto, c'est **votre choix de qualité** ! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client
lalux for you sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung

LA LUXEMBOURGEOISE · 9, rue Jean Fischbach · L-3372 Leudelange · Tél. : 4761-1 · groupeLL@lalux.lu · **www.lalux.lu**


# Editorial

Roy Grotz, Campchef

**Léif Cheftainen a Chef, léif Memberen an Elteren,**

Näischt däit drop hinn, dass op enger Kouwiss um Kierchbierg am Summer, dausenden Zelter wäerten stoen mat dausenden vu Guiden a Scouten.
No bal 6 Joer Preparativen gëtt dann de Projet - Ufanks eng verréckt Iddie - zur Realitéit: den internationalen Camp GoUrban.
Ee Camp, dee sech mat kengem aneren an der Geschicht vergläichen wëll, well ee speziell an extra ass.

Mir wëssen, dass eise Camp speziell ass, well de Staff (bessonnech dem Pogrammstaff) sech all Méih gëtt fir de Programm esou innovativ, participativ a flott ze maachen, wéi et nëmme geet. Et soll gewise ginn, dass de RAP sech am Programm vum GolUrban erëmspigelt an, dass d'LGS sech wëllen opmaachen an ZESUMMEN mat de Jonken de Programm vum Camp gestalten.

Dozou gehéiert, datt mer wéi an enger grousser Stad a Quartieren (urban) zesummeliewen an de Programm deeglech gestalten, wéi och am richtege Liewen. Et ginn net einfach Atelieren ugebuede fir Zäit doud ze schloen, mee z.B. Day-Jobs, fir sech nëtzlech ze maachen an sech z'engagéieren.

Egal wéi, et wäert en onvergiesslleche Camp fir jiddfereen ginn, well dat, wat mer elo ewell u Programm ze bidden hunn, ass ein

fach genial an mega flott! Méi gitt dir op den nächste Säite gewuer. Besonnech houfreg si mir dorop eis Guiden- a Scoutsfrënn aus Niger, Senegal, Bosnien, Haiti a Georgien um Camp begréissen ze kënnen.

Zesummen stinn mer duerfier an, dass den GoUrban en internationalen Succès gëtt - do ass mer net baang - well mer esou gutt als Ekipp am Staff, mat mengen Adjointen Carmen a Romain an mat de Quartiers-Staffen funktionéieren!
Merci datt DIR bei dëser Aventure um Kierchbierg dobäi sidd!

Roy Grotz
Campchef











## GolUrban, wou d'Welt sech trëfft

Mir erschafen eng nei Stad, eis Guiden- a Scoutsstad! An dëser Stad ginn et Wunn- a Programmquartieren an e grousse Zentrum. Et ass eng Stad, wou mir als Jonk an Al, aus de verschiddene Branchen, aus verschiddene Länner de Camp zesummen erliewen. D'Stad bitt verschidde Beräicher un an deenen de Programm wäert oflafen. Ewéi an enger richteger Stad gëtt geschafft, geléiert an awer och seng Fräizäit verbruecht. A veschiddene Quartiere kann esou jiddereen bei Aktivitéiten matmaachen déi him Spaass maachen a bei deenen hien eppes wëll bäiléieren. Och am Fonctionnement vum Camp, z.B. beim Ravi, der Campzeitung, der Logistik,… kann all Participant sech matabréngen. Um GolUrban hunn d'Participanten d'Méiglechkeet sech fräi an den eenzele Programmquartieren ze beweegen an hire Programm selwer zesummenzestellen.

**Nohalteg:** Mir wëllen, dass eis Aktivitéiten nohalteg sinn, dat bedeit, dass dat wat um Camp „produzéiert/hiergestallt" gëtt, (z.B. an Atelieren) eng Weiderverwäertung fënnt. De Programm soll och no de Prinzipie vun der Bildung fir Nohaltegkeet organiséiert ginn.

**Partizipativ:** Als Participante bréngen mir eis Iddien an Talenter aktiv am Programm mat an a kënnen och selwer Atelieren/Spiller an de verschiddenste Beräicher ubidden. Jiddereen kann an den eenzele Beräicher den Oflaf vu sengem Dag auswielen an sech esou no sengem Interessi säi Programm zesummestellen.

**Oppen/Visibel:** Bei all proposéiert Aktivitéit soll gekuckt ginn, dass en Expert (och Net-Guide/Scout) dës ka beräicheren. Eis Aktivitéite sollen och no bausse gedroe ginn, andeems mir an der Stad oder um Land aktiv sinn (z.B. Park, Foussgängerzone, Place d'Armes). Aner Aktivitéite sollen de Camp dann och nach opmaache fir d'Leit vun dobaussen (z.B. Besuchsdag).

**Ganzheetlech/Edukativ:** All Aktivitéit muss an de Kader vum edukative Konzept vun den LGS (Lëtzebuerger Guiden a Scouten) passen. Fir de Jonken ass et kloer a wat fir engem vun deene 5 edukativen Entwécklungsberäicher hien sech grad weiderbilt. Hie soll iwwert de Camp all Beräicher (GolAdventure, GolCreative, GolMind & Spirit, GolNature, GolSocial) ofdecke fir eng ganzheetlech Entwécklung kënne matzemaachen.














## Programmberäicher

Während dem Camp kanns du selwer decidéieren, bei wéi engen Aktivitéiten du matmaachen wëlls, eleng oder zesumme mat Kollegen (déi méi Jonk bleiwen an hire Gruppen). D'Umeldung leeft iwwert den "Job-Center" – du kanns aus fënnef Beräicher a jee no Alter „Jobs" eraussichen.

Hei e puer Beispiller, wat dech bei de verschiddene Beräicher erwaart.





### Native Village

Am Native Village, enger spannender a pädagogesch wäertvoller Plaz, léiere mir am a ronderëm dat grousst Keltenhaus vun den LGS, wéi d'Naturvölker, zum Beispill d'Kelten oder d'Steenzäitmënschen, geliefft hunn.
Beispiller: Feier maache mat Feiersteen oder Feierbou, Kache wéi an der Steenzäit, a vill aneres.

### Project Wild Thing

Mir kucken den Dokumentarfilm „Project Wild Thing" zesumme mam Regisseur David Bond. Hie versicht op eng flott Aart a Weis de Kanner an deene Jonken d'Natur, déi beandrockend ass an näischt kascht, méi no ze bréngen. No der Filmvirféierung ass nach Zäit fir zesummen ze diskutéieren. Dir kënnt och Naturspiller, déi dir kennt an Iddien zum Thema an een Netzwierk mat abréngen.
Beispiller: Filmvirféierung, Gespréichsronn, Wildtime App an Wild Network.

### Nature skills

Hei kanns du léieren, wat zu engem Liewe mat der Natur gehéiert a wéi ee Saachen aus der Natur verschaffe kann. Du gesäis, wéi vill Verschiddenens een aus de Schätz vun der Natur gewanne kann.
Beispiller: de Gebrauch vu wëlle Kraider, Kachen a Bake mat Feier a Glous, Konstruktiounen aus natierleche Materialien, a vill aneres

### De Bauerenhaff

Wéi op engem richtege Bauerenhaff ginn et hei vill Notzdéiere wéi Hénger, Schwäin a Kéi, em déi sech all Dag muss gekëmmert ginn. Du léiers dës Déiere kennen a gëss gewuer wéi op de Felder an am Gaart vum Bauerenhaff geschafft gëtt.
Beispiller: sech em d'Déiere këmmeren, Déireprodukter verschaffen, Kraider a Geméis an engem Héichbeet zillen, a vill aneres.




### Sensibiliséieren a Mobiliséieren

An Zesummenaarbecht mat eise Partner gees du op eng flott Entdeckungsrees. Hei stinn Theme wéi sozial Gerechtegkeet, Mënschen op der Flucht oder Kannerrechter um Programm. Et sinn Themen, déi eis all eppes uginn an iwwert déi et sech lount eppes méi ze wëssen.
Beispiller: Rechen däin CO2 Foussofdrock aus, Recycléier Pabeier, Liewe mat enger Behënnerung: e Rallye queesch duerch d'Stad, Kannerrechter bei eis an am Rescht vun der Welt, e Liewen op der Flucht, Schätz aus dem Reebësch.

### Deem anere begéinen

An de Guiden a Scoute si mir oppe fir aner Leit ze begéinen a kennenzeléieren, mee oft komme mir awer net a Kontakt mat anere soziale Realitéiten. An dësem Programmberäich kriss du d'Chance um Alldag vun aneren, interessante Leit deelzehuelen. Léier nei, national an international Guiden a Scoute kennen, tausch dech mat hinnen aus a pak eng Hand mat un.
Beispiller: Laachen a kräische mam Clown aus der Kannerklinik, eng Hand mat upaken op engem Bauerenhaff, wou Leit mat enger Behënnerung schaffen, Wäschtroussë bitzen a fëlle fir eng B.A., Spiller a Gesellschaftsspiller an all senge Formen, Strécken an Häkele mat eelere Leit.

### Eng Welt

Interkulturalitéit an Entwécklungszesummenaarbecht

Et gi ganz vill Länner an der Welt, wou et de Mënschen net esou gutt geet, wéi eis zu Lëtzebuerg respektiv an Europa. An dësem Beräich wëlle mir eist eegent Verhalen an eise Konsum hannerfroen, awer och nei Kulturen entdecken an aner Liewensstiler kenne léieren. Mir wëllen déi räich Kulturen aus aarme Länner aus enger anerer Perspektiv kucken. Mir froen eis och wat mir selwer maache kënne fir dës Welt e bësse besser ze verloosse wéi mir se firfonnt hunn
Beispiller: Vum Schof bei de Pullover: Wiewe wéi an den Anden, den Nepal op spilleresch Art a Weis kenne léieren, dem fairen Handel op der Spuer, Kachen a Brachen am World-Café.

### Street-Art

Op engem Camp matten an der Stad däerf „Street-Art" natierlech net feelen. Du kanns verschidden Zorte vu Stroossekonscht entdecken, déi méi oder manner bekannt sinn, an änner anerem Naturmaterialer huele fir selwer kreativ ze sinn.
Beispiller: Graffiti, a vill aneres.

### Handwierk

D'Handwierk ass net nëmme gutt fir Saachen ze bauen, mee et kann een och ganz kreativ domat sinn. Verschidde Materialer an Hankwierksgeschirr gebrauchen a recycléieren, wäert een Deel vun denger kreativer Aarbecht sinn.
Beispiller: Up-Cycling, deng eegen nëtzlech Saache fir d'Liewen um Camp plangen a bauen, a vill aneres.

### Konscht

Verschidde Konschtformen a verschidde kënschtleresch Aarbechte gehéieren zum Programm vum GoICreative. Du kanns Saachen an de Beräicher Musek, Ausdrock, Theater a grafesch Konscht ausprobéieren.
Beispiller: Eegen Instrumenter bauen an ausprobéieren, däin eegene Poppentheater vun A-Z bauen a gebrauchen, a vill aneres.

### Medien

Bei onsen Aktivitéite kanns du dech mat Hëllef vu Wierder, Toun, Bild a Film mat verschiddene Medien ausdrécken. Een Deel vun deem sou produzéierte Material kann och fir d'Campzeitung, d'Homepage oder bei der Ofschlossfeier gebraucht ginn.
Beispiller: verschidde Forme vu Fotografie, adlib-Rap Video maachen, a vill aneres.Challenge
A speziellen Infrastrukture bausse vum Camp, awer och op Infrastrukturen, déi mir op der Campplaz gebaut hunn, bidde mir vill Méiglechkeete fir Aktivitéiten héich an der Luucht oder mat kniwwelegen Hürden, fir deng Grenzen ze testen.
Beispiller: Héichseelgaart, Hindernisparcous, Monkey-Tree, a vill aneres.



### Camp Uni

An onser Camp Universitéit ka jiddereen, egal wéi al en ass, mat vill Spaass a Freed Wëssenschaft an Technik op verschidde Manéieren entdecken. Natierlech op eng praktesch Aart a Weis, wou s du selwer kanns experimentéieren.
Beispiller: Wëssenschaftlech Experimenter mam Mister Science, Verstand-Fabrik, Robotere bauen, a vill aneres.

### Diskussiounsclub

Scout ze sinn ass eng Schoul fir d'Liewen, dofir däerf et op onsem Camp net feelen, seng Meenung auszedrécken a begrënnen ze kënnen, aneren nozelauschteren an eng gutt Diskussioun ze féieren.
Beispiller: Interessant, relevant an ureegend Diskussiounen.

### Spiritualitéit a Glawen

Hei geet et drëm, verschidden Elementer vu spiritueller Erfahrung ze verstoen, seng eege Spiritualitéit oder säi Glawen z'entdecken oder einfach nëmme Rou a Fridde während dem Camp ze fannen.
Beispiller: een Zen-Gaart uleeën, Yoga Atelier, spirituell Momenter a Gebiet, a vill aneres.

### Spiller Bar

Hei kann ee verschidden Zorte vu Spiller entdecken, déi eist Gehir ureegen an eis Sënner stäerken. Et kann ee selwer Briet- a Rollespiller entwéckelen an och manner bekannte Spiller ausprobéieren.
Beispiller: Rollespiller, ee Brietspill erfannen a mat Frënn spillen, a vill aneres.



### Wasser Aktivitéiten

Lëtzebuerg läit zwar net um Mier, huet awer mat der Sauer, der Musel an de Séien am Éislek genuch Méiglechkeete fir Spaass an Action am oder beim Waasser.
Beispiller: Kajak fueren, Wakeboard, an nach vill aneres.

### Dynamesch Spiller

Kleng a grouss Scouten si begeeschtert vun dynameschen a spannende Spiller. Mir brauchen dofir keng Spillkonsol, mee wäerten déi Spiller dobaussen an der Realitéit ubidden.
Beispiller: fann de Mister X, Counter Strike, an nach vill anerer.



### Adventur

A speziellen Infrastrukture bausse vum Camp, awer och op Infrastrukturen, déi mir op der Campplaz gebaut hunn, bidde mir vill Méiglechkeete fir Aktivitéiten héich an der Luucht oder mat kniwwelegen Hürden, fir deng Grenzen ze testen.
Beispiller: Héichseelgaart, Hindernisparcous, Monkey-Tree, a vill aneres.

### Klammen

Du kanns däi Courage an deng Kraaft beim Kloteren, Ofseelen oder „Boulderen" gebrauchen, well dat alles wäert Deel vun der Adventure Offer beim GoIUrban sinn. Mir wëllen all Forme vu Kloteren ubidden.
Beispiller: Verschidden Zorte vu Klammen, Boulderingmauer, a vill aneres.

### Sport

Wat wär e Camp ouni Sport? En hält ons fit, hëlleft ons nei Frënn ze fannen a mir kënne manner bekannte Sportaarte kenneléieren. Souguer op dem B.P. sengem éischte Camp stoung scho Sport um Programm.
Beispiller: Bouschéissen, Rugby, Baseball, a vill aneres.





# D'Liewen um GolUrban

Wou schlofen a wat iessen um Camp

## Iwwernuechtung

Eis jéngst Participanten, d'Biber, wäerten ausserhalb vum Camp an enger Schoul, déi e puer honnert Meter vum GolUrban-Stadzentrum ewech ass, schlofen.
D'Wëllefcher däerfen sech elo schonn op hiren eegenen Staddeel um GolUrban freeën. E besonneschen Highlight wäerten déi vill Indianertippië sinn, an deenen si iwwernuechte wäerten.
Fir all déi aner Participanten hunn eis Urbanisten d'Infrastrukture fir weider Staddeeler geplangt, an deenen déi verschidden Altersgruppen hir Zelter opriichte kënnen, sou wéi een dat vun anere Scoutscampe gewinnt ass. An enger internationaler a multikultureller Noperschaft kann esou jiddereen säin Deel zum Erschafe vun eiser Scoutsstad bäidroen.
De Ranger-Rover „Quartier" setzt sech aus multikulturelle Wunnunitéite vu ronn 50 Awunner zesummen. Dobäi gehéieren ëmmer 2-3 Persounen aus dem selwechten Grupp zu enger Wunnunitéit. Aus dësem Grond recommandéiere mir de Ranger-Rover kleng Zelter (fir 2-3 Persounen) matzebréngen.
Och d'(I)ST wäerten hiren eegene „Quartier" kréien, an deem si hir Zelter opriichte kënnen.



## Ravi – GolFood

*Participanten ënner 11 Joer (Biber a Wëllefcher) souwéi (Internationale) Staff (I)ST*

Fir eis jonk Participanten, souwéi fir déi villbeschäftegt Staff-Memberе bidde mir eng Vollpensioun am groussen Iesszelt matzen am GolUrban-Stadzentrum un. Eist Kichen-Team freet sech elo schonn drop déi kleng a grouss Gäscht hei z'empfänken.
Mat engem gudde Kaffi (Frühstück) sollen eis Participante gestäerkt den Dag starte kënnen. Mëttes gëtt et en ofwiesslungsräiche Lunch-Buffet mat vill Auswiel fir de klengen Honger. Déi waarm Haaptmoolzecht gëtt Owes zerwéiert, mat gudder Stëmmung am Zelt inklusiv.

*Participanten ab 11 Joer (Avex, Cara-Pio, Raro.)*

Och déi méi al Participante solle während dem Camp op kee Fall Honger leiden. Fir de Gruppe méi Flexibilitéit beim Ravi ze erméiglechen, wäert et am GolUrban-Stadzentrum e Supermarché ginn, mat vill verschiddenen Iesswuere fir de Kaffi (Frühstück), d'Mëttegiessen, souwéi fir d'Haaptmoolzecht owes.
Gekacht gëtt jee no Choix op Holz an/oder Gas. D'Brennholz kritt dir gratis zur Verfügung gestallt, d'Gasfläsche kënnt dir um Camp kafen.
Ee Rezeptbuch mat Beispillmenüe soll iech beim Kafen a Kachen hëllefen. D'Ëffnungszäite vum Supermarché wäerten sou sinn, dass dir déi verdierflech Produiten ëmmer kuerz virun der Zoubereedung ofhuele kënnt a soumat méiglechst wéineg ewechgehäit gi muss.
Souwäit et eise Budget erlaabt a souwäit et och sënnvoll ass, besteet eist Sortiment am Supermarché aus Artikelen, déi mat eisem Nohaltegkeetskonzept iwwereneestëmmen. Beim Uebst a Geméis wäerte mir ausschliisslech op Biowueren zréckgräifen, woubäi och hei saisonal a regional Wuere Virrang hunn.
Fir Participanten déi op Allergien oppasse mussen, wäert et am Supermarché ee klenge Rayon mat entspriechende Produite ginn.
Fir aner wichteg Artikelen, déi am Supermarché net op Lager sinn, wäert dir d'Méiglechkeet kréien, dës een Dag am Viraus ze bestellen.
Ofgeronnt gëtt eist Sortiment mat engem Non-Food Beräich fir déi wichtegst Campartikelen.
Fir ze bezuele kritt all Grupp eng Aart Kreditkaart mat engem Punktekonto fir d'Gesamtdauer vum Camp, sou wéi een dat vun anere groussen Jamboreeën hir kennt. Sou kann all Grupp selwer entscheeden, wéi si mat hirem Budget verfiert.
All international Trupp kritt eng lëtzebuerger Partnertrupp. Sou kënne si sech wéinst dem Kichematerial ofschwätze fir de Bagage vun den internationale Gruppe méiglechst kleng ze halen.







Informatioun a Reservatioun
**Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen**
✆ (+352) 26 65 11
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu

Sales-Lentz
moving people



# Roll vum Chef

## Ech sinn als Chef mat mengem Grupp um Camp .
## Wéi gesäit de Programm fir mech aus?

Nieft denger Responsabilitéit fir ee gudden Dagesoflaf vun dengem Grupp ze suergen (Schlofen, Iessen, Chargen, Sécherheet), wäers du als Chef am Programm verschidde Rollen iwwerhuelen.

**Motivator** (Motivéieren an Encouragéieren): Du hues déi wichteg Roll, déi Jonk ze motivéieren an z'encouragéieren fir sech an déi verschidde Jobs (Aktivitéiten) anzeschreiwen, fir esou nei, flott a spannend Erfahrungen ze maachen. Du kanns hinne beim Eraussichen hëllefen an si dobäi ënnerstëtzen, fir sech ee perséinlechen an upriechende Programm zesummenzestellen.

**Begleeder:** Eng weider wichteg Roll ass déi, déi Jonk bei hirem Job ze begleeden. Du schreifs dech als Begleeder, d'selwecht wéi de Jonken, den Dag virdrun am Jobzenter an. Du hëllefs dem Responsabele vum Job a kanns och selwer Neies léieren. Bei de Biber a Wëllef schreift sech ëmmer ee Chef als Begleeder bei sengem Grupp Kanner an.

**Responsabel:** De Programm (Jobs) gëtt am Virfeld vum Camp vun der Programmekipp organiséiert. Fir en Deel vun de Jobs hu mir och responsabel Leit. Fir verschidden Jobs siche mir awer nach responsabel Chef (fir een oder méi Deeg). Dëst sinn Jobs, fir déi ee sech am Virfeld e bësse mat der Aktivitéit beschäftege muss. Enn Abrëll verschécke mir eng Lëscht mat den Jobs, fir déi mir nach responsabel Chef sichen.

A verschiddene Quartiers-Versammlungen (Sous-Camp-Versammlungen), kanns du dech dann als Responsabele vum Job aschreiwen. D'Datumer vun dëse Versammlunge kriss du nach matgedeelt. Esou kanns du dech schon am Virfeld organiséieren, an du kanns dech ganz no denge Stäerkten an Interessien um Camp matabréngen.

Dat heescht awer NET, dass du während dem ganze Camp responsabel fir de jeeweilegen Job bass, mee nëmmen een oder méi Deeg, jee no denge Méiglechkeeten an Zäitressourcen.
Och fir d'Visite kanns du dech als Responsabel mellen.

Wann s du nach Froen zu der Roll vum Chef während dem Camp hues, kanns du dech gäere beim Tom Lahr (Programmchef adjoint) mellen. E-mail : tom.lahr@lgs.lu











# Wickie-Camp 2016

Wëllefcherscamp um Neihaischen








## Op Entdeckungsrees mam Wickie – vum 24. – 30. Juli 2016 um Neihaischen

No ville Preparatiounsversammlunge während dem Joer, war et Enn Juli endlech souwäit. Eng 120 Wëllefcher mat hire Chef, aus de Gruppe vun Esch St. François, Monnerech, Duelem, Beefort, Beetebuerg, Gaasperech, Eschduerf, Gréiwemaacher, Bieles-Metzerlach, Kiem, Bieles an Zéisseng, hunn sech am grousse Wikingerduerf um Neihaischen getraff, fir zesumme mam Wicki flott a spannend Deeg z'erliewen.

Nom Ariichten an hire Wikingerhaiser, ass et och direkt mam Programm lass gaangen. Den éischten Owend gouf et e grousst Wikingerfest, wou d'Wëllefcher déi eenzel Personnagen aus dem Wickie sengem Stamm kennegeléiert hunn.

Um Programm stoungen vill Spiller, Experimenter, Bastelaarbechten, an d'Sammele vu neien Erfahrungen. Et gouf Wikingerbrout gebak, am Lehm gebastelt, mat Woll gefilzt, Zënnmënzen gegoss, verschidde Feiertechniken ausprobéiert, Wikinger-Schach gespillt. Zu engem richtege Wikinger gehéiert natierlech och eng Aaxt an e Schëld, déi während engem Nomëtteg gebastelt goufen, wéi och en Ausfluch an d'Schwämm op Nidderaanwen.

D'Spill koum beim Wikingercamp net ze kuerz. Op bei der grousser Wikingerolympiad oder beim Nuetsspill. E richtege Wikinger feiert dann och gären, a während enger Lagerfeierveillée hunn d'Wëllefcher musikalesch bewisen, dass si scho grouss Wikinger sinn.
Op engem weideren Dag am Wikingerduerf hunn d'Wëllefcher Villes iwwert d'Natur geléiert, wéi d'Bestëmme vun Insekten, Wikingerbemolung aus Naturfaarwen, Kachen an der Natur, Konscht an a mat der Natur.

Zum Schluss vum Camp gouf et nach eemol e grousst Wikingerfest mat allen Personnagen aus der Wickiegeschicht, a d'Wëllefcher si mat villen neien a flotten Andréck an hir Familljen zeréckgereest.

























# Fort Boyard

E flotte Wanter-Weekend

## D'Gaasperecher Avex um Misärshaff

Mir hu laang gewaart, mee Enn Januar war et esou wäit: mir haten eise ganz flotten Avexweekend um Misärshaff!

Mir hunn eis Samschdeg moies op der Stader Gare getraff, fir vun do aus mam Zuch bis op Ettelbréck ze fueren. Do si mir ëmgeklommen an de Bus fir op Ueschdrëf.

Do ukomm, hu mer eis an 2 Patrullen opgedeelt an dann hunn eis d'Chef och schon lass geschéckt. Den Hike war richteg flott, et war just extrem kal an de Schnéi huet d'Trëppelen och net méi einfach gemaach.

Ënnerwee hu mir misste Bréiwer sichen, aus deenen mir d'Koordinate missten entzifferen. Ënnerwee haten mir prächteg Spaass. D'Thema vum Weekend war „Fort Boyard", dowéinst waren um Wee e puer Schlëssele verstoppt, déi mir owes an der Véillée gebraucht hunn.

No dësem laangen an ustrengenden Trëppelwee koumen mir endlech beim Chalet un. Eis Féiss waren duerch de Schnéi komplett duerchnässt an äiskal. Fir eis opzewiermen krute mer en gudden waarmen Schocki. Nomdeems mir eis installéiert haten, krute mer déi beschten Nuddelen mat Bolognaise Zooss vun der Welt!

Nom Iessen goung et dunn endlech lass mat der Veillée. Mir sinn an de Patrulle géinteneen a klenge Spiller ugetrueden. Sou wéi am „Fort Boyard". Wann mer gewonnen hunn, kruten mir e Schlëssel. Mir hunn eis gutt ameséiert. No engem laangen Owend misste mer an d'Bett goen. Wéi d'Jongen du geschlof hunn, hunn d'Meedercher si mam Bic bemolt :-) Si waren natierlech den Dag drop guer net erfreet an als Revanche hu si de Meedercher hier Saachen geklaut.

Sonndeg nom Kaffi hu mer nach e grousst Endspill gemaach. Hei ass drëms gaang fir Indicen ze sammelen an ee Code erauszefannen. D'Gëwennerpatrull krut natierlech eng séiss Belounung :-D

Nom Spill huet du jidderee säin Packalu gemaach. Dee war natierlech gaaaanz lecker :-P

Wéi mir alles gebotzt an geraumt hunn, si mer vun eisen Chef mam Auto bis op Ueschdrëf gefouert gin hihi :-P Vun do aus ass et rëm Richtung Gaasperech gaang.

An du war eise flotte Weekend och schon rëm erriwwer :-(

Mir freen eis schonn op deen nächsten ;-)

**D'Gaasperecher Avex**

D'Spill baséiert op d'Fernsehsendung Fort Boyard, d'Spiller sinn deelweis identesch mam Originalen.

Ziel ass an d'Salle de Trésor ze kommen an do e maximum un Goldstécker ze sammelen (Goldstecker sinn hei déi Popkorndénger, wat eng Zort Verpakungschips sinn).

Wéi laang ee Goldstécker sammelen kann, hängt dovunner of wéivill Sekonnen een erspillt huet.

Spillverlaaf

Fir an d'Salle de Trésor eranzekommen, brauch een Schlësselen, déi een am Laaf vum Owend an klenge Spiller erspillen kann, resp. déi an de Bréiwer um Wee zum Chalet verstoppt woren an et brauch een e Léisungswuert, wat een un Hand vun Indicen, déi een bei Rätseleléisen gewannen kann.

Et sinn also vill kleng Spiller an der Patrull oder eenzel géint déi aaner Patrull, wou een Schlëssele gewannen kann. Zousätzlech Zäit fir d'Salle de Trésor kritt een, wann ee bei verschiedene Spiller géint d'Chef gewënnt.

Wann d'Patrull dat richtegt Léisungswuert fonnt huet, kann si an d'Salle des Trésors. Do mussen se kucken fir esouvill wéi méiglech Goldstecker/Verpackungschips an hier Patrullenkëscht ze transportéieren. Wéi laang se dofir Zäit kréien, hängt wéi gesot vun den erspillten Sekunnen of. Zum Schluss gëtt gekuckt, wéi eng Patrull déi mescht Goldstécker huet an déi gewënnt de „Schatz".











# D'Schnéikinnigin

Theaterstéck vun den Ettelbrécker Guiden

Jedes Jahr wird von den „Ettelbrécker Guiden" ein Kindertheaterstück vorgeführt. Das Theaterspielen ist eine langjährige Tradition, die jedes Jahr Anfang November stattfindet und nicht mehr weg zu denken ist. Jedes Jahr aufs Neue freue ich mich mit den „Guiden" die Herbst Zeit mit den Proben für das Stück zu verbringen. Diese sind immer lustig, nur kurz vor den Auftritten herrscht jedoch immer Anspannung hinter der Bühne.

Im Centre des Arts Pluriels Ettelbruck wurde diesen November das Theaterstück „Schnéikinnigin" von Hans Christian Andersen aufgeführt. In dem Stück handelt es sich um das junge Mädchen Anna das sich auf eine gefährliche Reise macht um ihren Freund Kai von der bösen Schneekönigin zu befreien. In der Hauptrolle der Anna war Lea Rischette und den Jungen Kai spielte Tessy Depotter. Die Rolle der bösen Schneekönigin übernahm Lara Nicolay. „Ich spiele gerne Theater und ich kann nicht loslassen. Zum Schluss vom Theater sind der Applaus und die Reaktionen der Zuschauer Lob genug für die ganze Zeit die man aufbringt. Als Chef baut man eine besondere Verbindung zu den Kindern die mitspielen auf.", erzählt sie. Auf die Frage welche die Lieblingsrolle von Tessy Depotter ist, die den Jungen Kai spielt, antwortet sie: „Meine Lieblingsrolle war bisher Peter Pan, aber das kann man nicht vergleichen, denn jede Rolle hat etwas Besonderes."

An den Theaterstücken sind nicht nur die Schauspieler und die Regie beteiligt sondern viele mehr. Hinter dem Theaterstück stecken sehr viele Menschen und Arbeit, die sich am Ende lohnt. Von den selbstgemachten Kostümen, dem Bühnenaufbau, der Auswahl der Musik, der Schminke bis hin zu Getränken und Kuchen wird alles von den „Guiden" und Freiwilligen gemacht. So entsteht am Ende etwas großes aus einer Zusammenarbeit zu der jeder seinen Teil beiträgt.

Denise Nicolay Mohnen, Teil der Regie: „Also ich war 1978 beim ersten Märchen, das die Ettelbrécker Guiden gespielt haben, dabei. Plötzlich war ich dann im Regie- Team. Dieses Jahr bin ich für die Chef Regisseurin Lilo Bruecher eingesprungen. Wie immer hat es wieder großen Spaß gemacht mit den Kindern zu arbeiten und ein Teil von unserem Projekt, dem Theater, zu sein."

Niki Kraus, Gruppenchefin der Guiden und verantwortlich für die Bühne, erzählt: „In meinem ersten Jahr Wichtelcher habe ich natürlich auch Theater mitgespielt. Danach habe ich immer mitgespielt, ungefähr mit 18 habe ich dann bei der Bühnen- Team geholfen. Das erste Mal, 1996, war ich allein verantwortlich für die Bühne. Seitdem mache ich mit meiner schwarz gekleideten Mannschaft den Bühnenaufbau. Ich bin ein kreativer Mensch und mache es gerne. Es ist jedes Jahr eine große Herausforderung, viel Arbeit, viel Stress aber immer wieder schön."

In den letzten Jahren haben wir mal klassische und mal moderne Märchen gespielt. Letztes Jahr wurde das Stück „D'Rätsel ëm d'Feierkraut" gespielt, davor „Peter Pan", „D'Wawuschelen mat den gréngen Hoer", „De Jim, de Lukas an hir Lokomotiv". Seit ich neun bin spiele ich mit, deshalb kann ich mir die Herbst Zeit nicht ohne die vielen Proben und die Aufführungen vorstellen. Und wer weiß was wir nächstes Jahr spielen werden?

**Vanessa Peter**









# Dëppenënnersätzer

Kelteschen Zierknuet






























# Geheimschrëft

Ech kennen eng Geheimschrëft, a kann engem aneren se erklären

## De Fënneferbréif

Des Geheimschrëft ass einfach fir kleng Messagen auszetauschen. Wien de Code net kennt, gesäit just Buschtawen ouni Sënn.



Ween awer weess, dass just all 5. Buschtaf zielt, kann de Message eraus schreiwen.




Natierlech soll een de Code heiansdo änneren, mol all 4., oder nëmmen all 6. Buschtaf.
Probéier emol selwer dëse Fënnferbréif ze entschlësselen:




## Punktalphabet

Bestëmmt hues du scho Blanneschrëft gesinn. Bei der Blanneschrëft bestinn d'Zeechen aus Punkten, déi blann Mënschen mat de Fanger kennen ertaaschten. Hei ass eng Punktschrëft, déi vill méi einfach ass, wéi déi richteg Blanneschrëft.
D'Zeechen hunn bis zu 3 Punkten, déi an engem Haischen ugeeurdnet sinn.



Am beschten schreifs du d'Geheimschrëft op Haisercherspabeier. Dat mëscht liesen a schreiwen méi einfach. All Buschtaf gëtt an een Haischen geschriwwen.




Probéier och emol selwer!



## Botschaft op enger Ficelle

Eng wichteg Botschaft kann een op eng Ficelle knieden. Déi fënnt keen esou einfach eraus. Fir d'éischt muss du zwee Linealer esou preparéieren:
Schreif all Buschtawen aus dem Alphabet ënnen op e Lineal, pro Zentimeter, ee Buschtaf. An zwar net der Rei no, mee duercherneen. An am beschte, schreifs du déi Buschtawen, déi dacks benotzt ginn, wéi den E oder den N, lénks op de Lineal. Buschtawen, déi net esou dacks benotzt ginn, wéi den X oder de Q komme méi no riets op de Lineal.
Déi zwee Linealer musse genee selwecht sinn, een häls du, an een kritt deen, deen deng Botschaft soll entzifferen.



Fir deng Botschaft ze verschlësselen, lees du elo d'Enn vun enger Ficelle op de Feil. Hal se do gutt fest. De Knuet fir den éischte Buschtaf vun dengem Message méchs de genee do, wou dëse Buschtaf op dengem Lineal geschriwwen ass.



Fir de nächste Buschtaf lees de elo den éischte Knuet erëm op de Feil, a spaans d'Ficelle erëm bis bei de nächste Buschtaf.



Sou "schreifs" du da weider bis du deng ganz Botschaft op d'Ficelle geknëppt hues.
Wa Kniet maachen net gutt geet, kanns du och einfach mat engem waasserfeste Stëft Markéierungen op molen. Denk drun, op denger Ficelle den Ufank an de Schluss ze markéieren.



## Zuelenzalot

Wanns du eng Botschaft op des Aart a Weis verschlëssels, gesinn anerer just Zuelenzalot. Du brauchs fir d'éischt emol 2 genee déi selwecht Bicher.
Da schreifs de deng Noriicht op en Ziedel. Du schléis däin Buch op iergend enger Säit op, a sichs am Text den éischten Buschtaf vun denger Noriicht.
Schreif elo d'Säit op, d'Zeil an d'Plaz vum Buschtaf innerhalb vun der Zeil.

All Zeil schreifs du propper an eng Kolonn. Fir all weideren Buschtaf sich du méi wäit am Text. Fir selwecht Buschtawen, sichs du jeeweils eng eegen Plaz am Text.
Fir deng Noriicht ze entschlësselen, muss däin Partner just d'Buch op der richteger Säit opschloen, an Zeil fir Zeil, Buschtaf fir Buschtaf ofzielen.



# D'Natur anescht erliewen

## Ideeë vum Wëllefchers-Naturdag 2016

Mat folgenden Ideeë kanns du e klenge Rallye mat dengen Frënn an der Natur organiséieren:
Sicht iech am Bësch, e Wee aus, deen zu Fouss ongeféier 20'min. dauert. Op dësem Wee sicht dir iech 3 schéi Plazen, wou dir Statiounen mat Spiller maache kënnt.

1. Statioun: Wéi faarweg ass de Bësch?
2. Statioun: Geräischkaarte molen
3. Statioun: Meng Lieblingsplaz genéissen (hei kënnt dir och zesummen e klenge Picknick maachen)



### Wéi faarweg ass de Bësch?

Dëst Spill kënnt dir zu souvill spille wéi dir wëllt (2 oder méi)
Wann dir zu 2 sidd, stellt iech Réck u Réck.
Wann dir zu méi wéi 2 sidd, stellt iech an ee Krees, awer kuckt all no baussen.
Probéier 3 Minutte laang, ouni de Kapp ze dréien, dir all Faarwen ze mierken, déi s du gesäis.
Erzielt iech, wéi eng Faarwen dir gesinn hutt a wat iech nach esou opgefall ass...



### Meng Lieblingsplaz genéissen

Dëst Spill kanns du eleng maachen.
Sich dir eng schéi gemittlech Plaz am Bësch a setz/lee dech dohinner (du kanns dech och an d'Hängematt/op d'Carrymatt leeën).
Kuck dir dës Plaz gutt un, kuck dir ee besonnesche Bam/Planz/Blumm gutt un, rich ronderëm dech, gëff denger schéiner Plaz een Numm, ... genéiss et!



### Geräischkaarte molen

Dëst Spill kanns du eleng spillen.
Sich dir eng relax Plaz am Bësch an huel dir ee Blat an ee Stëft mat.
Huel dir eng oder méi Minutten Zäit a mol dat op d'Blat, wat s du an der Natur héiers.
Vläicht packs du et jo fir déi aner ronderëm dech net ze vill ze héieren, mä dech just op d'Natur ze konzentréieren.




# Scout toujours, même sur ta carte bancaire !




Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur **www.bil.com** ou en agence.

Retrouve-nous sur

Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur **www.bil.com** ou en agence.

Vous avant tout

BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 www.bil.com

# Let's go out

Naturerfahrungs-Spiller

An dësem Platte Knuet weise mer iech wéi ee mat Lehm flott Gesiichter u Bamstämm maache kann. Alles wat dir braucht, ass Lehm an e Bam mat engem éierbare Stamm. Probéiert et einfach aus. Wann dir kee Lehm am Buedem hutt, kënnt dir es och einfach am Bastelgeschäft kafen. Wéi eng Zort Bam dir huelt ass iech iwwerlooss, op deenen engen hält de Lehm besser wéi op aneren. Nodeem der iech e schéine Bam erausgesicht hutt, kënnt dir lassleeën: ob dir grouss oder kleng, witzeg oder traureg, mënschlech oder animalesch Gesiichter maacht ass egal, ärer Fantasie si keng Grenzen gesat! Dir kënnt och nach aner Materialien aus dem Bësch huelen fir d'Gesiicht nach weider ze verschéineren. Vill Spaass!





## Beemchen, wiessel dech

Material: eventuell Schaler

Dëst Spill gëtt am Bësch gespillt. Fir d'éischt gëtt de Spillterrain ofgegrenzt oder et stréckt een z.B. Schaler ëm déi Beem déi zum Terrain gehéieren. Et gëtt ee Bam manner gebraucht wéi Kanner matspillen.

D'Kanner stellen sech jeeweils bei e Bam. Deen dee fänkt; stellt sech an d'Mëtt vum Terrain a rifft „Beemchen, wiessel dech!".

Jiddereen leeft doropshin bei en anere Bam; dat Kand dat fänkt, probéiert en aneren ofzeklappen. Deen deen ofgeklappt gëtt, muss den nächsten Tour fänken.

Opgepasst: bei all Bam däerf nëmmen ee Kand stoen.

*aus Naturstrolche draußen kreativ, TOPP*

## Géigesätzleches fannen

Material: /

D'Kanner deelen sech zu 2 an 2 an. Een aus all Grupp sicht e puer aussergewéinlech Saachen am Bësch. Dës weist hie sengem Partner an dee probéiert eppes Géigesätzlech dozou ze fannen, z.B. zu eppes Haardem eppes Mëlles, zu eppes Groussem eppes Klenges, zu eppes Ronnem eppes Eckeges… Wa jiddereen fäerdeg ass, ginn d'Saachen deenen Aneren gewisen.

*aus Waldfühlungen von A. und B. Neumann, Ökotopia Verlag*

## Sech orientéieren wéi eng Fliedermaus

Material: eppes fir sech d'Aen ze verbannen, Bengelen

Kanner deelen sech zu 2 an 2 an, a verdeelen sech e bëssen. Een aus all Grupp ass d'Fliedermaus, hie verbënnt sech d'Aen an deet eventuell seng Schong a Strëmp aus. Deen aneren huet d'Funktioun vun de Schallwellen. Hie sicht sech zwee Bengelen fir seng Fliedermaus ze „ruffen". Dee mat de Bengelen geet e klengt Stéck viru senger Fliedermaus a guidéiert si mat Klappen weider. Kënnt en Hindernis, esou muss méi séier geklappt ginn fir d'Fliedermaus ze warnen. No enger festgeluechter Streck/Zäit ginn d'Rollen gewiesselt.

*aus Waldfühlungen von A. und B. Neumann, Ökotopia Verlag*




## Sammelkëscht

Material

1 Eidel Eeërkëscht

1 Bic an ee Blat

An d Lächer vun der Eeërkëscht ginn Zifferen geluecht. Dann schreift een an den Deckel vun der Eeërkëscht all d`Saachen op déi solle gesammelt ginn.

Duerno sollen d 'Kanner all déi Saachen sichen an an d` Eeërkëscht leeën.









Meng Sammelkëscht

1. Buedem
2. Eng Plomm
3. Ee Steen
4. Eppes Gréngés
5. Ee Blat
6. Moos
7. Holz
8. Eng Eechel
9. Eng Nol vun enger Dänn
10. Eppes wat net an de Bësch gehéiert



## De blanne Fierschter

All Bam huet seng Eegenschaften, déi een net nëmme gesi kann, mee och richen oder taaschten. Dës Spill gëtt a Koppele gespillt. Ee vum Koppel „Sucher" kritt Ae verbonnen. Deen anere „Begleeder" sicht e Bam eraus a féiert säi Partner bei de Bam. Deen soll de Bam oftaaschten, richen, bis sech sécher ass, datt hien de Bam rëm erkennt. De Koppel geet rëm bei den Ausgankspunkt zréck. Vun hei aus soll de „Sucher", deem d'Ae rëm fräi sinn, de Bam rëmfannen.








## Zesummen fir eng besser Welt

Den 22ten Februar, war wonnerbar,
et huet gefisemt a geblosen,
mee ech muss iech soen,
dat war eis egal,
den Thinking Day war phenomenal.
Zesumme mat de Biekerecher,
wat wierklech Feiner sinn,
an den Bouneweger,
och si sinn eis Kollegen ginn,
hunn mir Spiller gemeet,
als Scout ass ee jo ëmmer bereet,
selwer ee Bam duerzestellen,
a vu Biber bis Raro hat jiddereen do eng ze mellen.
Mir hunn awer och ee richtegen Bam, eng Lan, geplanzt,
an dono net am Reen gedanzt,
mee am Keltenhaus Schocki a Muffin genoss,
all zesumme wuel gewosst.
Zum Schluss ee Merci u jiddereen, deen gehollef huet,
an eng Invitatioun un iech all fir d'nächst Joer, ech duecht,
kloer ass dat eng schéin Traditioun,
an freeë mech op déi nächst Thinking Day-Aktioun!

Nicole a Yara aus der I-Ekipp




# Friddensliicht

17. Dezember 2016 zu Biekerech




**Friddensliichtl** Biekerech, Gréiwemaacher a Cents sinn op Wien gereest.
17. Dezember ëm 19:00

D'Wienrees war fir jiddereen en eegene challenge!
☺#Friddensliicht#GuidenaScouten#ausdeGruppen



Gefällt mir | Kommentieren | Teilen

Mäi Challenge war déi laang Rees.

Et war eng Erausfuerderung, d'Liicht (als Symbol vu Glawen, Kraaft an Energie) ganz op Lëtzebuerg ze bréngen.

D'Friddensliicht sichen fueren heescht net nëmmen eng Käerz ufänken, mee huet bäi jidderengem perséinlech en déiwen Androck hannerlooss.

20 Natiounen, vill Ënnerscheeder, mee eng Verbonnenheet duerch e gemeinsamt Ziel (de Message vu Fridden bäi d'Leit ze bréngen)

Froen déi opkommen wann een seng Energie an e Friddensprojet setzt an dann heem kennt, an d'Noricht vun engem Attentat um Chrëschtmaart zu Berlin héiert.

Eis Motivatioun fir dës Feier z'organiséiren war, mat engem Message vun Hoffnung dem negativen Alldag aus den Medien entgéintwierken.

Gemeinsam mam Grupp „Arche de Noé" en Zeechen ze setzen, dat een e gemeinsamt Ziel kann verfollegen onofhängeg zu watfirenger Relioun een gehéiert.

Mir wollten keen politeschen Message setzen, mee ganz einfach op eng „scoutslike" Aart a Weis de Fridden mat aneren deelen.







# Odysseenight

Wat war d'Odyssee-Projetsnuecht 2016 genee?



800 Schrauwen fir d'Still vum Centre Culturel zu Bouneweg zesummenzesetzen
660 Mini-Bréidercher (hallef schwaarz an hallef wäiss)
300 Bréidercher (idemo, hallef-hallef)
200 Muffin mat Schockela, Vanill a Kiischt
180 Invitéen
172 Kilowatt Stroum um Neihaischen gezunn
120 RaRo a Staff déi mat op eng Odyssee a Bosnien-Herzegowina, Brasilien, Ethiopien, Georgien oder op Haiti gaange sinn
120 Minutte live op LGS-TV
94 m3 Äerdgas erhëtzt am Chalet an an der Kapell
6 m3 Drénkwaasser verschafft - um Neihaischen an och e puer Liter an enger Brauereistad am Eisléck
15 Kilo Roastbeef, Zoossiss, Ham a Wirschtercher fir op d'Bréidercher
12 Kilo Kéis an all senge Formen fir op déiselwecht Bréidercher
E bësse wëlle Fësch, dee géint de Stroum geschwommen war, war och dobäi (um Bréidchen)
5 Projetspresentatioune mat super Videoen an Billerreportagen exklusiv op LGS-TV ze gesinn
3 Camionnette voll mat Material
2 LGS-TV-Moderatoren, déi hir Première am Showbiz gefeiert hunn – mir wäerte an Zukunft nach méi vun hinnen héieren
2 Portieren vun der Stad Lëtzebuerg, déi ons vill gehollef hunn
1 Mikro, deen net mat Zäiten aus war (de Public krut deemno ze-guddst mat, datt och hannert de Kulisse mat Spaass an Eescht natierlech nëmme fir d'Saach geschafft gouf)
1. Plaz: de Centre Culturel zu Bouneweg, dee mer ëmmer génschteg vun der Stad Lëtzebuerg kréien
Vill Temoignagë vu RaRo déi dem Public hir markantste perséinlech Erliefnisser gezielt hunn
Vill Ranger a Rover, déi am Kader vun der Odyssee beim „ScoutS of the World Award" matgemaach hunn
1 Weekend um Neihaischen vum 26. op de 27. November 2016 fir de Bilan vun dëse fënnef Camp-Chantieren ze maachen an zesummen ze feieren
1 Busnavette, déi tëschent Bouneweg an dem Neihaischen hin an hir gependelt ass
1 Kachekipp ronderëm d'Ancienë an d'Mataarbechter vun der Ekipp nationale Route
1 Adventskranz vun de Käler Scouten
En Éierewäin an och en Éierejus vun der Stad Lëtzebuerg gesponsert
E GROUSSE MERCI u jiddereen dee matgehollef huet dës Ofschlossaktivitéit vun der Route hirer Odyssee 2016 mat z'organiséieren
Zero Presse, mee dofir dëse Factsheet vum Dan / ENR fir de Platte Knuet





De „Scouts of the World Award" (Weltscoutsauszeechnung) ass nieft dem bronzene Wollëf an dem Woodbadge déi drëtt Auszeechnung, déi direkt vum Weltscoutsverband WOSM un e Member iwwerreecht ka ginn. De „Scouts of the World Award" ass eng Auszeechnung fir Memberen am RaRo-Alter, déi un engem Projet fir „Eng besser Welt" aktiv deelgeholl hunn. Dëst si bei den LGS d'Odyssee-Projeten. E Clan kann awer ufroen, dass säin eegene Projet unerkannt gëtt. De „Scouts of the World Award" huet duerch säi Virbild a seng Manéier d'Scoutsbeweegung, mat sengem Scoutsgesetz, op eng visibel an exemplaresch Manéier während dem Projet vertrueden. Eng Participatioun op enger Odyssee heescht net, dass een automatesch "Scout of the World" gëtt. Nieft den dräi Etappen, déi vun enger Preparatioun bis zu engem perséinleche Bilan reechen, ass et och um Jugement vum Projetsresponsablen an dem nationalen SWA -Coordinator fir een „Scouts of the World Award" un eng Persoun z'iwwereechen oder net.

SCOUTS OF THE WORLD AWARD
BREVET SCOUTS DU MONDE






# Neijoschpatt 2017

Fir d'Joer 2017 gutt unzefänken, hunn d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten an hier ONGD „Guiden a Scoute fir ENG WELT" op hiren traditionellen Neijoerschpatt invitéiert. Eng ronn 100 Chef/tainen hunn den Owend bei engem gemittlechen Patt verbruecht.
Dëst Joer krut de Patt awer en orientaleschen „Touch". De Grupp Arche de Noé huet sech nämlech bereet erklärt eis kulinaresch Spezialitéiten aus dem Orient ze presentéieren.







# Formatiounen 2016-2017



STIP BiRo
Vum 28. bis 31. Oktober wor den 1. gemeinsame BiRo STIP an der Géisserei. 3 Biber an 2 RaRo Kandidate woren de ganze Weekend do. Um Methodendag woren et dunn 14 Kandidaten. Et wor eng super Stëmmung an dëst Experiment ass vun alle Bedeelegten als gelongen ugesi ginn. D'Kandidaten hunn hier Branche kennegeléiert an haten awer och d'Méiglechkeet an d'Methode vun der respektiver anerer Branche eranzeluussen.







2. PS-Formatioun
Vum 11-12. Februar hu 20 Kandidaten um PS/ Weekend zu Klierf deelgeholl





1. PS-Formatioun
Vum 14-15 Januar hu 64 Kandidaten um PS/ Weekend um Neihaischen deelgeholl.







De CaraPio- STIP war des Kéier zu Suessem am Scoutschalet vum 28.-30. Oktober 2016. 13 motivéiert Kandidaten, dovu 6 Methodisten, wollten hiert d'Wëssen erweideren a sech ënnereneen austauschen.







## ONGD
## Guiden a Scouten
## fir ENG Welt



Workshop um Tronc Commun

**Bass Du Guide, Scout oder Cheff, tëschent 19-29 Joer?**
**Hues Du Interessi un der Entwecklungshëllef ?**

D' ONG ass op der Sich no engem motivéierten Guide oder Scout fir an eisem Team mat ze schaffen an eis Aarbecht un déi lokal Gruppen erun ze brénge. Bass du interesséiert un engem Volontariat Civique bei eis an trëfft den Profil op dech zou? Hues du Zäit a Loscht? Da mëll dech! Kandidaturen mat CV an Motivatiounsschreiwes um contact@ongd-lgs.lu. Wann s Du virdrun nach Froen hues, schreif eis einfach eng Email. Méi Informatioun iwwert den Service Volontaire Civique um Site vum SNJ: http://volontaires.lu/svci

## Mérite Jeunesse goes GoURBAN

International Guide & Scout Camp 2017 Lëtzebuerg

Du bass am Mérite Jeunesse Lëtzebuerg ageschriwwen !
Du schaffs un dengem GOLD-Level !
Du schaffs un denge Beräicher BENEVOLAT, TALENTS et COMPETENCES, SPORT an EXPEDITIOUN !
Du weess nach nët wou a wéi s de de Beräich RESIDENTTIAL PROJECT solls ofdecken !
Da komm op eise GoUrban an hëllef datt dëse Camp nach besser gëtt.
Jonker, déi am GOLD-LEVEL vum Mérite Jeunesse Lëtzebuerg ageschriwwe sinn, kënne vun dësem Camp profitéiere fir hire „Residential Project" um Camp ze maachen.
Du bass schonn a enger ServiceEquipe vum GoUrban ?
Wann nët da mell dëch, mir fanne schonn eng Plaz wou s de gebraucht gëss .

ResidentialProject Umelldung oder weider Infoe beim Georges Faber op mérite@lgs.lu.



# Service des prêts



De neie Formulaire fir de Service des prêts ass online: chefbox.lgs.lu/infos.
Dir kënnt folgend Material bei eis ufroen: PR-Material, Klammgeschir, Bühn, Audiomaterial, elektrescht Material (Verdeeler asw.).
Fir Campmaterial kuckt w.e.g. beim SNJ um Site ënner folgendem Link: animateur.snj.lu/fr/materiel.
Fir weider Informatioun kënnt iech mellen ënner:
Tel.: 26 94 84 28, marco.jadin@lgs.lu.



# Save the date!

- **28.-29. Mäerz** – Gruppechef formatioun
- **07.-10. Abrëll** – Avex-STIP
- **21.-23. Abrëll** – Iron-Scout
- **5. Mee** – Benefiziessen an der Schéiss
- **6. Mee** – Kanu Dag Mariendall
- **14. Mee** – JoCaPi
- **19.-20. Mee** – Nuets-Weekend PS-Form.
- **20. Mee** – Biber- a Wëllefchersandacht
- **25. Mee** – Bilschdrefer Kiermes
- **28. Mee** – Wëllefchers-Rally
- **30. Mee** – Gruppechef Fréijorsrenconter
- **18.-28. Juni** – 

# Impressum

LGS Zeitung- N°2, 2016/2017
Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, kënnt 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :
Zeitungsekipp, Branchenekippen, d'Team, Verbandssekretariat&Safab, PR-Ekipp, lokal Gruppen
Fotoen : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp
*E grousse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !*
Editeur :
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Contact : platteknuet@lgs.lu
Dréckerei :
Print Solutions
Gedréckt op 100% recycléierte Pabeier
Oplo : 4500 Stéck

Exp.: Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400

www.lgs.lu